## Sommaire


1. **Ouverture de la séance publique** p. 38
   M. Claude Wiseler, Président
2. **8498 – Projet de loi portant modification de :**
   **1° la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;**
   **2° la loi modifiée du 11 janvier 2008 relative aux obligations de transparence des émetteurs ;**
   **3° la loi modifiée du 30 mai 2018 relative aux marchés d'instruments financiers,**
   **en vue de la transposition de :**
   **1° la directive (UE) 2024/790 du Parlement européen et du Conseil du 28 février 2024 modifiant la directive 2014/65/UE concernant les marchés d'instruments financiers ;**
   **2° l'article 3 de la directive (UE) 2023/2864 du Parlement européen et du Conseil du 13 décembre 2023 modifiant certaines directives en ce qui concerne l'établissement et le fonctionnement du point d'accès unique européen ;**
   **3° l'article 1er de la directive (UE) 2024/2811 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2024 modifiant la directive 2014/65/UE afin de rendre les marchés publics des capitaux de l'Union plus attractifs pour les entreprises et de faciliter l'accès des petites et moyennes entreprises aux capitaux, et abrogeant la directive 2001/34/CE,**
   **et de la mise en œuvre du règlement (UE) 2024/791 du Parlement européen et du Conseil du 28 février 2024 modifiant le règlement (UE) n° 600/2014 en vue de renforcer la transparence des données, de lever les obstacles à la mise en place de systèmes consolidés de publication, d'optimiser les obligations de négociation et d'interdire la réception d'un paiement pour le flux d'ordres** p. 38
   Rapport de la Commission des Finances : M. Maurice Bauer
   Discussion générale : M. Maurice Bauer | M. André Bauler | M. Franz Fayot | M. Fred Keup | Mme Sam Tanson | M. Sven Clement | M. David Wagner
   Prise de position du Gouvernement : M. Gilles Roth, Ministre des Finances
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8498 et dispense du second vote constitutionnel
3. **8537 – Projet de loi portant approbation du Protocole, fait à Washington, le 25 octobre 2024, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Argentine pour l'élimination de la double imposition en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et pour la prévention de l'évasion et de la fraude fiscales, et du Protocole y relatif, faits à Washington, le 13 avril 2019** p. 41
   Rapport de la Commission des Finances : M. Maurice Bauer
   Discussion générale : M. Maurice Bauer | M. André Bauler | M. Franz Fayot | M. Fred Keup | Mme Sam Tanson | M. Sven Clement (interventions de M. André Bauler) | M. David Wagner
   Prise de position du Gouvernement : M. Gilles Roth, Ministre des Finances
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8537 et dispense du second vote constitutionnel
4. **8538 – Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Sultanat d'Oman pour l'élimination de la double imposition en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et pour la prévention de l'évasion et de la fraude fiscales, et du Protocole y relatif, faits à Luxembourg, le 16 octobre 2024** p. 44
   Rapport de la Commission des Finances : M. Maurice Bauer
   Prise de position du Gouvernement : M. Gilles Roth, Ministre des Finances
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8538 et dispense du second vote constitutionnel
5. **8540 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation** p. 45
   Rapport de la Commission des Finances : Mme Diane Adehm
   Discussion générale : Mme Diane Adehm | M. Patrick Goldschmidt | M. Franz Fayot | M. Fred Keup | Mme Sam Tanson | M. Sven Clement | M. David Wagner
   Prise de position du Gouvernement : M. Gilles Roth, Ministre des Finances
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8540 et dispense du second vote constitutionnel
6. **8547 – Projet de loi portant modification :**
   **1° de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;**
   **2° de la loi modifiée du 22 mai 2024 portant introduction d'un paquet de mesures en vue de la relance du marché du logement** p. 48
   Rapport de la Commission des Finances : Mme Diane Adehm
   Discussion générale : Mme Diane Adehm | M. André Bauler | M. Franz Fayot | M. Fred Keup | Mme Sam Tanson | M. Sven Clement | M. David Wagner (dépôt de la motion 1)
   Prise de position du Gouvernement : M. Gilles Roth, Ministre des Finances | M. Michel Wolter (parole après ministre)
   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8547 et dispense du second vote constitutionnel
   Motion 1 : M. Sven Clement | Mme Diane Adehm
7. **Ordre du jour** p. 52
   M. Claude Wiseler, Président
   Vote sur l'ordre du jour modifié (adopté)
8. **Motion de M. Dan Hardy relative à la baisse du taux de TVA appliqué sur la bière et le vin dans le secteur de l'Horeca** p. 52
   Exposé : M. Dan Hardy
   Discussion générale et prise de position du Gouvernement : Mme Diane Adehm | Mme Carole Hartmann | M. Franz Fayot | Mme Sam Tanson | M. Marc Goergen (intervention de M. Sven Clement) | M. Marc Baum | M. Gilles Roth, Ministre des Finances | M. Dan Hardy
   Vote sur la motion (rejetée)
9. **8547 – Projet de loi portant modification :**
   **1° de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;**
   **2° de la loi modifiée du 22 mai 2024 portant introduction d'un paquet de mesures en vue de la relance du marché du logement (suite)** p. 55
   Motion 1 (suite) : Mme Diane Adehm | M. Gilles Baum | M. Franz Fayot | Mme Sam Tanson | M. Fred Keup | M. Sven Clement | M. David Wagner
   Vote sur la motion 1 (rejetée)


Présidence : M. Claude Wiseler, Président

Au banc du Gouvernement : M. Gilles Roth, Ministre

*(La séance publique est ouverte à 09.01 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

## 2. 8498 – Projet de loi portant modification de :

**1° la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;**

**2° la loi modifiée du 11 janvier 2008 relative aux obligations de transparence des émetteurs ;**

**3° la loi modifiée du 30 mai 2018 relative aux marchés d'instruments financiers,**

**en vue de la transposition de :**

**1° la directive (UE) 2024/790 du Parlement européen et du Conseil du 28 février 2024 modifiant la directive 2014/65/UE concernant les marchés d'instruments financiers ;**

**2° l'article 3 de la directive (UE) 2023/2864 du Parlement européen et du Conseil du 13 décembre 2023 modifiant certaines directives en ce qui concerne l'établissement et le fonctionnement du point d'accès unique européen ;**

**3° l'article 1er de la directive (UE) 2024/2811 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre**

**2024 modifiant la directive 2014/65/UE afin de rendre les marchés publics des capitaux de l'Union plus attractifs pour les entreprises et de faciliter l'accès des petites et moyennes entreprises aux capitaux, et abrogeant la directive 2001/34/CE,**

**et de la mise en œuvre du règlement (UE) 2024/791 du Parlement européen et du Conseil du 28 février 2024 modifiant le règlement (UE) n° 600/2014 en vue de renforcer la transparence des données, de lever les obstacles à la mise en place de systèmes consolidés de publication, d'optimiser les obligations de négociation et d'interdire la réception d'un paiement pour le flux d'ordres**

Als éischte Punkt op eisem Ordre du jour vun de Moie steet de Projet de loi 8498, d'Ëmsetze vu verschiddenen europäeschen Direktiven am Finanzberäich. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: De Rapporter huet 10 Minutten, déi jeeweileg Fraktiounen a Sensibilitéiten hu 5 an duerno huet d'Regierung 10 Minutten. Ageschriwwe si schonn: den Här Maurice Bauer, den Här André Bauler, den Här Franz Fayot, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo de Rapporter vum Projet de loi, den honorabelen Här Maurice Bauer. Här Bauer, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Finances***

**M. Maurice Bauer** (CSV), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn haut de Moien de Pleséier, Iech de Projet de loi 8498 ze presentéieren, dee verschidden Dispositioune vun europäeschen Direktiven a Lëtzebuerger Recht transposéiert. An dësem ganz technesche Projet de loi geet et drëms, europäesch Texter am Finanzberäich ze verbesseren, nodeems dës elo scho säit enger Rëtsch Joren a Kraaft sinn.

Konkreet huet dëse Gesetzesprojet dräi Zilsetzungen:

Éischtens transposéiere mer mat dësem Gesetzesprojet de sougenannte Paquet „MiFID/MiFIR Review" an dat nationaalt Recht. Dëst Iwwerschaffe vun dësem Package huet als Zil:

a) eng Verbesserung, eng Vereinfachung an eng Harmoniséierung vun den Transparenzreegele vun Donnéeën iwwer Finanzinstrumenter op den Handelsplattformen ze erreechen.

b) Reegelen an e Kader ze schafen an esou d'Hindernisser fir konsolidéiert Publikatiounssystemer, sougenannte „consolidated tapes", wou d'Präisser an d'Volume vu Finanzproduiten op eng konsolidéiert Manéier vun Acteure publizéiert ginn, opzehiewen. Dëse System gouf schonn 2014 am Originaltext vu MiFID II agefouert, mee et huet sech ni en Acteur fonnt, deen esou e Publikatiounssystem proposéiert huet, wéinst der Komplexitéit, déi jo dann heimadder soll vereinfacht ginn.

c) de sougenannte „Payment for Order Flow" ze verbidden, wou et zu Abuse konnt komme bei de Fraisen, déi fir Transaktioune bezuelt musse ginn. An et geet drëms, eng méi grouss Protektioun vun den Investisseuren ze erreechen.

Als zweet Zil gesäit de Projet d'Transpositioun vum Artikel 1 vun der sougenannter „Listing-Directive" 2024/2811 vir. Dës Direktiv dréit derzou bäi, d'Mäert fir d'Kapital an der EU méi attraktiv ze maachen, besonnesch fir kleng a mëttelgrouss Betriber, sougenannte PMEen, an hinnen den Zougang zu Finanzmëttel ze vereinfachen, wärend den Investisseurschutz an d'Maartintegritéit erhale bleiwe sollen.

Als drëtt Komponent ziilt dëse Projet dorop of, den Artikel 3 vun der Direktiv 2023/2864 ëmzesetzen. Dës gehéiert zur Schafung vum europäesche gemeinsamen Zougangspunkt ESAP, dem European Single Access Point. Dës Plattform gëtt duerch de Reglement 2023/2859 geschaf a liwwert en zentraliséierten Zougang zu Informatiounen iwwer Finanzservicer, Kapitalmäert an Nohaltegkeet.

D'Zil dovunner ass et, dem Public en einfachen, zentraliséierten an zougängleche Zougang zu relevanten Informatiounen iwwer Firmen an hir Produkter ze ginn, fir esou informéiert a verantwortungsvoll Investitiounsentscheedunge vun den Investisseuren ze erméiglechen.

Ech kommen elo nach kuerz zu den Avisen. A sengem Avis erkennt de Staatsrot déi dräifach Finalitéit vum Gesetzesprojet un an huet keng Opposition formelle formuléiert. De Staatsrot huet eng Rei Remarke gemaach, mee ënnerstraicht, dass de proposéierten Text fir déi héich Kierperschaft esou an der Rei ass. Bei de legistesche Remarken huet d'Finanzkommissioun déi meescht an den Text iwwerholl, a bei deenen, déi net iwwerholl goufen, huet d'Finanzkommissioun fir all Remark am Detail d'Grënn erkläert.

Zur Prozedur: Dëse Gesetzesprojet gouf den 12. Februar 2025 vum Finanzminister deposéiert. Bei der Sëtzung vun der Finanzkommissioun de 25. Mäerz gouf de Projet de loi de Membere vun der Kommissioun virgestallt an ech hat d'Éier, als Rapporteur genannt ze ginn. Den Avis vum Staatsrot ass vum 3. Juni 2025. Dësen ass de 17. Juni dunn an der Finanzkommissioun analyséiert ginn. An dëse Rapport gouf duerno an der selwechter Sëtzung unanime ugeholl. Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, heimadder schléissen ech da mäin Exposé als Rapporteur of an ech géif e puer Wuert als Spriecher vu menger Fraktioun zu dësem Projet soen an och schonns den Accord vun der CSV-Fraktioun annoncéieren.

***Discussion générale***

Als CSV-Fraktioun begréisse mir d'Ëmsetzung vun dësen europäeschen Texter, well si verstäerken d'Transparenz vun den Informatiounen a stäerken de Schutz vun den Investisseuren a garantéieren e besseren Accès zu verlässlechen Informatiounen.

Déi Texter, déi mir haut virleien hunn, si ganz technesch, mee si si wichteg, fir e méi kohärenten, harmoniséierte Kader ze schafen, fir d'Donnéeën iwwer Finanzprodukter op den Handelsplattformen den Investisseuren an Acteuren zur Verfügung ze stellen.

E méi einfachen Accès zu standardiséierten Informatiounen erlaabt et, méi Transparenz opzebaue bei potentiellen Investisseuren. A wann d'Leit spieren, dass et méi transparent ass, kréie se méi Vertrauen an d'Mäert a sinn éischter interesséiert a bereet, doranner ze investéieren.

Des Weidere begréisse mir, dass d'Kapitalmäert méi zougänglech gi fir Kleng- a Mëttelbetriber. Déi sougenannte Kapitalmaartunioun kritt e weidere wichtege Bausteen derbäi. All dës Moossnamen, déi mir an dësem Text transposéieren, maachen den europäesche Kader vun de Kapitalmäert besser a méi konkurrenzfäeg vis-à-vis vun eise Konkurrenten ausserhalb vun der Europäescher Unioun.

Fir d'CSV ass et wichteg, mat dësem Gesetz e staarkt Zeechen ze setze fir eis Finanzplaz, fir besser an transparent Finanzmäert am Allgemengen a virun allem de Schutz vun Investisseuren an hire vereinfachten Accès zu Donnéeën iwwer Finanzproduiten ze garantéieren.

Et geet heimadder och drëms, de sougenannte Level-Playingfield ze verstäerken, wou all Acteur déi selwecht Konditiounen a Méiglechkeeten huet.

Ech ginn heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet a soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Bauer, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Ech ka mech no dësem Rapport ganz kuerz faassen. Fir d'éischt wëll ech dem Kolleeg – dem exzellente Kolleeg – Maurice Bauer felicitéiere fir säi Rapport, deen, wéi e scho selwer gesot huet, sech mat enger ganz Rei techneschen Detailer an dësem Kontext befaasst huet. En huet dat mat vill Rou a Kompetenz gemaach.

Ech kann nëmme soen, dass mir als Demokratesch Partei, als Groupe parlementaire vun der DP, all Mesür begréissen, déi zu méi Transparenz fir d'Investisseure féiert an d'Prozedure sënnvoll vereinfacht. Hei geet et jo och drëms, ganz am Sënn vun der Spuer- an Investitiounsunioun d'Integratioun op EU-Niveau ze verbesseren an, wéi de Maurice Bauer et scho gesot huet, de sougenannte Level-Playingfield ze stäerken. Dëst soll derzou féieren, dass de Kapitalmaart nach méi robust, méi transparent a méi frëndlech fir Investisseure gëtt.

Et wier nach vill am Detail ze soen. Dat kann ech mer spueren, well de Rapporteur dorobber agaangen ass. Déi Ännerungen, vun deene geschwat ginn ass, vereinfachen net nëmmen d'Analys, mee eeben och d'Surveillance vun den Donnéeën.

Da si mer natierlech och besonnesch frou driwwer, datt duerch dëse Projet virun allem déi kleng a mëttelstännesch Betriber den Zougang zu de Kapitalmäert erliichtert kréien a gläichzäiteg e gewëssene Schutz fir d'Investisseure kann hei gewäerleescht ginn.

Dat gesot, wollt ech an dësem Sënn och gären d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun ginn. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Bauler. Da kritt den Här Franz Fayot d'Wuert. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Merci, Här President. Ech soen et och virewech: Mir wäerten dëse Projet de loi matstëmmen als LSAP, well en effektiv an d'Richtung geet vun enger besserer Protektioun vun den Investisseuren an och vun engem besseren Zougang zu Informatiounen iwwert d'Emetteuren.

Mir begréissen och, dass mat der Kapitalmaartunioun d'Kleng- a Mëttelbetriber e besseren Zougang kréien zu Finanzementer. Ech mengen, dat gehéiert zu där Iddi vun der Savings and Investments Union, wou mer jo gären zousätzlech Mëttele mobiliséieren, och am Sënn vun der Transitioun, haaptsächlech där ekologescher Transitioun. Dat ass alles eng gutt Saach. An dat ass och gutt resüméiert gi vum Rapporteur a sengem Rapport. Do gëtt et also net vill derzouzefügen.

Ech géif just gär profitéiere vun dësem Projet de loi, fir dann awer ..., an dat ass en Zoufall vum Kalenner, dass mer d'lescht Woch d'Visitt hate vun der Finanzkommissärin, der Madamm Albuquerque, déi Dir och bestëmmt gesinn hutt, Här Minister, wouran dann awer eng gewëssen Ironie läit. Mir maachen haut eppes fir de bessere Schutz vun den Investisseuren. A wann een der Madamm Albuquerque nogelauschtert

huet d'lescht Woch, dann huet se am Fong eng Lanz derfir gebrach, dass Investisseuren u sech och erëm méi riskant Finanzproduite solle kafen, dat eng 13 Joer nom Enn vun där grousser Finanzkris, déi bal eis ganz Finanzarchitektur weltwäit flaachgeluecht huet.

Si huet gesot: „We prevented people from making their own decisions", an huet effektiv derfir plädéiert, dass d'Reegelen och vun der Kapitalmaartunioun sollen – jo, si huet dat „Rebalancing" genannt – simplifiéiert ginn, fir dass eeben effektiv Investisseuren, wa se dann déi néideg Informatioune géife kréien, och sollen Zougang kréien zu riskanten Instrumenter, well se gesot huet, si wär der Meenung, dass, wann d'Leit géifen de Risk verstoen, se dann am Fong och misste kënnen där Instrumenter do kafen.

Dat heescht, op där enger Säit setze mer nach Texter ëm vun där aler europäescher Legislatur, wou mer a Richtung vu méi Schutz vun den Investisseure ginn, an op där anerer Säit hu mer et dann elo ze di mat enger Kommissärin – an déi ass dann natierlech am Trend vun där ganzer Kommissioun –, wou et wierklech drëm geet, de Business unzekuerbelen an och am Fong e bëssen e Kapitalmaart à l'americaine ze maachen, wou d'Investisseuren dann och kënne plus ou moins egal wat kafen, och wann et extreem riskant ass.

Et hätt een am Fong da missen der Madamm Albuquerque d'Lektür vum John Kenneth Galbraith sengem klenge Buch „A Short History of Financial Euphoria" empfeelen, dat en fait an engem kuerzen Text ganz gutt beschreift, wéi d'Leit ëmmer erëm op Finanzprodukter mat mirobolante Rendementer erafalen.

An ech sinn op alle Fall frou, dass mer hei an Europa an och zu Lëtzebuerg déi néideg Instrumenter hunn, wéi zum Beispill MiFID, fir d'Leit virun ze vill riskanten Instrumenter a Wäertpabeieren ze schützen, well dee Risk gëtt och mat Krypto net méi kleng, e gëtt éischter méi grouss.

An dofir eng Fro un Iech, Här Finanzminister: Wéi stitt Dir zu deenen Äusserunge vun der Madamm Albuquerque? Sidd Dir och der Meenung, dass mer ze vill Investoreschutz an Europa hunn, dass mer do ze vill wäit gaange sinn am Kader vun, jo, der Reponse vun Europa op déi global Finanzkris, dass mer ze vill wäit gaange sinn am Schutz vun Investisseuren an dass mer och do elo eng Simplifikatioun, e „Rebalancing", wéi d'Madamm Albuquerque et nennt, brauchen an dass mer am Fong där Texter wéi déi, déi mer haut adoptéieren, éischter manner kréien an Zukunft oder déi da mussen e bësse verbesseren oder zeréckschneiden? Dofir wär ech frou, wann Der eis do kéint Är Prise de position dozou ginn.

Mee dat gesot, ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Text. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Fayot. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Ech kann deem och net ganz vill bäifügen. Dat heescht, et ass alles gesot. Ech soe Merci. A mir wäerten dat hei matstëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Madamm Sam Tanson, et ass un Iech.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo, Här President, ech ginn och den Accord vun deene Gréngen zu dësem Text. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Villmools merci, Madamm Tanson. Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapporteur huet et gesot, et ass e relativ komplizéierten an techneschen Text, deen och eng ganz Hickecht u Moossnamen u sech hei ëmsetzt, déi engersäits dem Konsumenteschutz zeguttkommen an anerersäits natierlech och reng technescher Natur sinn. Dat muss een a sou groussen Texter dann och gesinn.

Wat hei awer, mengen ech, en Novum ass a wouriwwer vill diskutéiert gouf, wann ee sech un Nimm wéi GameStop erënnert oder Memestocks, wéi se da sou genannt ginn, dat ass den Essor virun allem wärend der Covidpandemie vun de Klenguleeër, déi u sech héich spekulativ Produite kaf hunn, an dat meeschtens iwwer Handysapplikatiounen.

Ech wëll elo net d'Nimm vun deene Plattformen nennen, mee et gouf retrospektivesch jo eng Analys gemaach, fir erauszefannen, wéi sech déi Plattformen iwwerhaapt finanzéiert hunn. A wat dobäi opgefall ass, ass eebe genau, datt déi meescht en intrinseschen Interêt haten, esou vill wéi méiglech Trades ze generéieren, well se net vum Client bezuelt goufe fir hire Service, mee u sech vun Drëtten, fir eebe Payment Flows, dat ass den techneschen Term, ze generéieren. An dat generéiert eng Hickecht un Donnéeën.

Dat generéiert awer virun allem och Arbitrageméiglechkeeten, wou gréisser Hedgefonge respektiv Spekulanten dervunner profitéiert hunn, datt mer hei gréisstendeels oninforméiert Klenginvestisseuren haten, déi mat hirem Erspuertenen – bon, deemools ganz heefeg mat hirem Helikoptergeld – wärend der Covidpandemie spekuléiert hunn. Déi eng haten immens Succèsen, déi sinn natierlech frou. Et gëtt awer och Dausenden, Zéngdausende vu Leit, déi do alles verluer hunn, wat se u sech do eragestach hunn. An dofir war esou e System vun Ufank un intransparent. Et war vun Ufank un eppes, wat d'Konsumenten a Gefor bruecht huet, well se hu gemengt, se géifen eppes gratis maachen, wat a Wierklechkeet hannendrun natierlech remuneréiert gouf.

A wéi esou oft huet d'Prinzipp gegollt: „Wann s de näischt fir e Service bezils, dann ass et vläicht net e Produit, deen s de keefs, mee du bass vläicht de Produit." An dat hat een hei wierklech gefillt, datt, wann ee Payment-Flow-Paiementer hat, de Konsument, deen hei investéiert huet, zum Produit vun deene Plattforme gouf an net ëmgedréint.

An dofir – ech wëll nëmmen déi eng Mesür hei erausgräifen –, well et wierklech wichteg ass, well et villen, virun allem och ville jonke Leit zwar vläicht eng éischt Entrée op en Aktiemaart erméiglecht huet, op där anerer Säit awer vu skrupellose Spekulanten ausgenotzt gouf, fir deenen déi lescht Euroen aus der Täsch ze zéien, dofir ass dat heite Gesetz en immens wichtegt Gesetz, datt mer dat Reglement elo och operationaliséieren, datt mer dee Verbuet vu Payment-Flow-Paiementer hei aféieren.

An dofir kënne mir och natierlech als Piraten eisen Accord heifir ginn, well et ass, au-delà vun all deenen anere Konsumenteschutzméiglechkeeten, fir mech wierklech de Stär vun deem Projet, datt mer kënne soen: Hei maache mer eppes Konkreetes, fir datt Transparenz op de Mäert herrscht, wie woufir bezilt, a fir datt net hannendru e Spekulant ka vun engem klenge Spuerer profitéieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Da kritt den Här David Wagner d'Wuert. Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Mir wäerten eis bei dësem Projet de loi, bei dëser Ëmsetzung vun europäescher Legislatioun, enthalen, well mer awer e bëssen de Problem hunn, datt mer trotz Ameliorationen, déi hei agefouert ginn, weiderhin an engem System sinn, wou d'Kapitalmaartunioun och weiderhi gefestegt gëtt, zum Detriment vun enger – wéi soll ech soen? – vläicht méi klassescher Investitiounspolitick, déi méi gesond wier.

Den Här Fayot ass virdrun e bëssen drop agaang, en huet op déi u sech e bëssen hybrid Natur vun dëser Legislatioun higewisen, datt een engersäits nach Mesüren huet, déi d'Konsumente sollen éischter protegéieren, mee mer anerersäits de penibelen Tournant vun der aktueller Europäescher Kommissioun hunn, déi erëm zu alen Däiwelen zréckgeet, déi Problemer geschafen hunn, mat deenen d'Europäesch Unioun schonn ze kämpfen hat.

An dofir si mir der Meenung, datt et weiderhin an eng … Mir kënnen esou eppes net matstëmmen, well mir wëllen net eisen Assentiment ginn zu enger weiderer Verschäerfung vu Spekulatiounen. Den Här Sven Clement huet vu skrupellose Spekulante geschwat. Ech weess net, ob et Spekulante gëtt, déi Skrupelen hu vun deem Zäitpunkt un. Mee ech mengen, dat ass e System, dee mir net kënne matdroen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Domat wier d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

Dann hätt d'Regierung d'Wuert. Här Finanzminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt, „une fois n'est pas coutume", fir d'éischt dem Rapporter, dem Maurice Bauer, villmools Merci soe fir säi Bericht, well en eigentlech kuerz – esou, wéi Dir dat och verlaangt, Här President – op déi Haaptpunkte vun dëser komplexer Legislatioun agaangen ass an och dee prakteschen Meerwäert vun deem Ganze genannt huet.

Jo, et gëtt hei méi Transparenz geschafen. Jo, d'Visibilitéit vun den europäeschen Entreprise gëtt gestäerkt. Et gëtt och Vereinfachung erabruecht. An dat ass ganz an dem Sënn vun der … Fréier hu se dat „Kapitalmaartunioun" genannt, haut ass et d'„Spuer- an Investitiounsunioun", wéi den Här Bauler dat preziséiert huet.

Ech wëll awer och eng Kéier soen: Mir sinn hei mat déi Éischt, wann net déi Éischt, déi déi ganz Legislatioun ëmsetzen. Dat ass en héichkomplexen Exercice fir d'Beamten an dem Ministère. Et ass en héichkomplexen Exercice fir déi Leit, déi en Avis derzou ginn. Do zielt och de Staatsrot derzou. De Staatsrot gëtt jo oft e bësse kritiséiert, well gesot gëtt: „Dat dauert ze laang." Ech muss soen, dass se hei extreem schnell an och konstruktiv schaffen. A mir kréie bal ëmmer vun hinnen, wa se mat eppes net d'accord sinn, alternativ Virschléi, wéi si géifen déi Direktiven ëmsetzen.

An drëttens wëll ech awer och der Finanzkommissioun vun der Chamber villmools Merci soen, net nëmme fir den Interêt fir déi Saachen, mee och, dass se sech och hei am Plenum zu dem Fong vun deem Ganze positionéieren.

An dofir huelen ech och déi Froen, déi den Här Fayot mer gestallt huet iwwert d'Visitt vun der Madamm Albuquerque, also der Finanzkommissärin – fir dat esou ze soen – vun der Europäescher Unioun de leschte Mëttwoch hei zu Lëtzebuerg, fir dorobber anzegoen, wat ech verstan hunn, wat si wëllt, an och wat d'Positioun vu Lëtzebuerg ass zu den internationale Finanzdéngschtleeschtungen.

Éischtens hate mer en Echange mat der Madamm, deen e ganz oppenen Echange war. Dir wësst, dass d'Lëtzebuerger Regierung – dat ass net nei – eigentlech mat bal alle Propositiounen, déi um Niveau vun der Kapitalmaartunioun oder der Savings- an Investissementsunioun geholl ginn, d'accord ass, well et ass eppes, wat och am Sënn ass vun enger méi kompetitiver an attraktiver Finanzplaz Lëtzebuerg.

Zum Punkt, dass d'Madamm Albuquerque gesot huet, et misst ee méi Flexibilitéit hunn: Den Här Fayot liest do dran, dass ee riskant Produkter huet. Ech hat et manner staark verstanen, wéi Dir et duergestallt hutt. Dir hutt natierlech d'Madamm zitéiert. Ech hunn et esou verstan, wéi dass een de Grondgedanke vun där Kapitalmaartunioun ëmsetzt.

An zwar Follgendes: Mir hunn, haalt Iech gutt hunn, hei an der Europäescher Unioun 35 Trilliounen, dat si 35.000 Milliarden, u Spuereinlagen. Dat ass enorm: 35.000 Milliarde Spuereinlagen! An Amerika, do gëtt et där Spuereinlagen och, mee se ginn haaptsächlech an Entreprisen investéiert. An de Grondgedanke vun där Kapitalmaartunioun ass eigentlech, déi Erspuernisser ze huelen, fir se méi dynamesch wéi einfach op engem Depotskont unzeleeën, fir Kleng- a Mëttelbetriber ënner anerem domadder ënnert d'Äerm ze gräifen an dann an enger méi mëttelfristeger a laangfristeger Perspektiv de Leit hir Suen – well et sinn de Leit hir Suen – jo erëm zréckzeginn, fir dass se déi dann och deelweis kënne fir hir Altersversuergung notzen.

Dee selwechte Grondgedanken hu se och a Japan. Dir wësst, a Japan ginn d'Leit natierlech extreem al. A Japan gëtt et e Réckgang vun der Bevëlkerung. Do geet d'Demografie erof. Déi hunn dee selwechte Problem. An déi japanesch Regierung huet de sougenannten NISA-Projet (ndlr: Nippon Individual Savings Account) opgesat, wat och ass: „Mir kucken, d'Erspuernisser vun de Leit ze notzen, fir se an eis Wirtschaft ze investéieren an herno de Retour ze ginn, fir komplementar Pensiounsprodukter unzebidden, och do selbstverständlech net als Ersatz, mee komplementar zu dem éischte Pilier."

Wat ass d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung? Mir hätte gären, dass Finanzprodukter e klore Kader hunn, dass e Reegelwierk do ass, wat deene Leit, déi esou Produkter opleeën, eng gewësse Flexibilitéit gëtt, mee dass an der Konterpartie och deen néidege Schutz vun den Investisseuren, spréch de Bierger, ginn ass. Dat ass d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung.

An dat deklinéiert sech duerch all Finanzdéngschtleeschtungsfelder. Dat deklinéiert sech och um Niveau vun de Kryptowärungen. Och do, Här Fayot, hu mer dru geduecht, an ech soen och der Chamber nach eng Kéier Merci derfir, dass mer déi sougenannte MiCA-Reglementéierungen esou schnell wéi méiglech ëmgesat hunn. An de Fakt, dass esou vill Ubidder vu Kryptowärungen, ënner anerem Coinbase – dat hutt Der matkritt d'lescht Woch –, wëllen hiren Europasëtz op Lëtzebuerg bréngen, huet domadder ze dinn, dass mir déi Reglementéierung mat engem klore Reegelwierk en place hunn an dass se doriwwer eraus déi proaktiv a virun allem héich geschoulte Leit mat exzellente Kompetenze vun eiser Finanzplaz kënnen notzen.

Déi komme jo net einfach esou op Lëtzebuerg, well se soen, mir hätten e schéine rout-wäiss-bloe Fändel. Déi kommen op Lëtzebuerg, well se e ganz stabillt, vorhersehbaart Reegelwierk erkennen, dat gepaart ass mat enger Exzellenz, déi mer op der Finanzplaz Lëtzebuerg zënter ville Joren hunn.

An d'Approche vun der Regierung ass net déi ... Ech wëll dat och soen. Den Här Fayot huet eng ganz fundamental Fro gestallt. De leschten Donneschdeg, do war de fréieren amerikanesche Staatssekretär – Tim Adams heescht de gudde Mann – hei. An dat ass ongeféier de Counterpart vun der ABBL, dem Commissariat aux assurances (veuillez lire: der Association des compagnies d'assurances) an der ALFI zesumme fir d'Amerikaner. Deen huet deelgeholl un enger Konferenz iwwert d'Digitaliséierung vun de Finanzdéngschtleeschtungen. Déi war an der Spuerkeess.

Ech hat mat deem eng Entrevue an do huet dee gesot: „Jo, an Amerika hu mir eng total aner Approche wéi déi, déi Dir hutt an Europa. Mir loossen um Niveau vun de Kryptowärungen", dat ass dat, wat Der mat Recht kritiséiert, „elo mol d'Marchéë gewäerden. An da gesi mer, wat schifleeft. An da fänke mer un, e Reegelwierk opzestellen, fir ze kucken, d'Deriven, wann der do sinn, anzeengen." An d'Approche vun der Europäescher Unioun ass, ze soen: „Mir setzen e Reegelwierk en place. Mir kucken, dass déi Flexibilitéit do ass, mee dass parallell och de Schutz vun den eenzelen Investisseure ginn ass."

Dat, wat ass: Et gëtt net all Investisseur ..., an dat gouf et och schonn net an der Vergaangenheet. Dir gesitt d'Alternativfongen. Jee no Kompetenzen, jee no, loosst eis soen, Bildung vun den Investisseuren – ouni dass Der dat elo pejorativ verstitt –, jee no Wësse vun den Investisseure gëtt dat Reegelwierk natierlech ënnerschiddlech deklinéiert, fir och déi néideg Flexibilitéit doran ze ginn.

Ech géif duerfir soen, an engem Wuert: D'Profitabilitéit däerf net op d'Käschte vun der Finanzstabilitéit vun der europäescher Wirtschaft goen. An ech wëll och net, dass d'Profitabilitéit op d'Käschte vun de Finanzdéngschtleeschtungsubidder zu Lëtzebuerg geet.

An ech schléissen domadder of. Ech hunn och, nach eng Kéier, souwuel bei der Madamm Albuquerque wéi och e Freideg an dem ECOFIN, am europäesche Finanzministerrot, ënnerstrach – zum Beispill bei där sougenannter Bankenunioun, Här Fayot –, dass mer op dee sougenannten Home/Host-Prinzipp pochen, nämlech dass d'Sécherheet vun den Depoten an all eenzelnem Memberstaat gekuckt gëtt, an net zentral do, wou den Haaptsëtz vu grousse Finanzdéngschtleeschter ass, well dat kéint d'Stabilitéit och um Niveau vun eisen Depotsgarantien zu Lëtzebuerg affektéieren. Mir sinn do als Lëtzebuerg net eleng. Et gëtt och aner Memberstaaten, déi eng aner Meenung hunn. Mee aus deem Grond hu mer och dorobber gepocht.

Also nach eng Kéier am Resümmee: D'Profitabilitéit vun eenzelne grousse Finanzdéngschtleeschter däerf net op d'Käschte vun der Stabilitéit vun der Finanzwelt goen a virun allem och net vun eiser Banken- a Finanzplaz Lëtzebuerg.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Mir géingen zur Ofstëmmung kommen. Checkt nach eng Kéier, ob Der alleguer op Ärem Posten ageloggt sidd, éier mer d'Prozedur lancéieren. Wann dat de Fall ass, da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8498. Den Text steet am Document parlementaire 8498[2].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8498 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Kuckt nach eng Kéier no, ob och jiddwereen seng Procuratioun matgeholl huet. Da schléissen ech de Vott of.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 58, keng Nee-Stëmm bei 2 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par Mme Stéphanie Weydert), Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nathalie Morgenthaler), Paul Galles (par M. Maurice Bauer), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par Mme Françoise Kemp), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen (par M. Gérard Schockmel), Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Luc Emering) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claire Delcourt (par M. Franz Fayot), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori (par M. Mars Di Bartolomeo) ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard (par Mme Joëlle Welfring), M. Meris Sehovic (par Mme Sam Tanson), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 3. 8537 – Projet de loi portant approbation du Protocole, fait à Washington, le 25 octobre 2024, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Argentine pour l'élimination de la double imposition en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et pour la prévention de l'évasion et de la fraude fiscales, et du Protocole y relatif, faits à Washington, le 13 avril 2019

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8537, enger Konventioun tëscht Lëtzebuerg an Argentinien iwwert d'Ofschafe vun der duebeler Besteierung an d'Preventioun vu Steierhannerzéiung. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeluecht. Deen huet säit dem Projet virdrun nach net changéiert. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Maurice Bauer, den Här André Bauler, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An da ginn ech dem Rapporteur vum Projet de loi d'Wuert, dem honorabelen Här Maurice Bauer. Här Bauer.

***Rapport de la Commission des Finances***

**M. Maurice Bauer** (CSV), rapporteur | Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn elo de Moien direkt zwee Netduebelbesteierungsofkommessen um Menü. Am éischte Projet de loi, dem 8537, geet et drëms, e Protokoll zur